PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 02/05/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Aarbecht weiderzeleeden.**

An de Froe 5415 a 5551 hunn d'Piraten sech schonn zu de Beaarbechtungszäite vun der Commission spéciale de réexamen vun der Adem informéiert. Hei gouf et 2022 mat 6 bis 6,5 Méint ganz laang Beaarbechtungszäiten. Fir déi Betraffen ee grousse Problem, well si esou laang hire Recours leeft, kee Recht op Chômage oder Revis hunn. Am Fall wou se an hirem Recours Recht kréien, kréien se d'Geld duerno, mee si mussen an der Zäit anescht iwwert d'Ronne kommen, wat fir vill, voir all déi Betraffen, net einfach ass. Den deemolegen Aarbechtsminister war och net zefridde mat der Beaarbechtungszäit an hat an der Äntwert op d'Fro 5551 erkläert, datt am Sekretariat méi Leit agestallt géife ginn, fir Delaien ze kierzen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wat sinn déi momentan Delaie fir d'Beaarbechtung vun engem Recours bei der Commission spéciale de réexamen vun der Adem?
   Ass de Minister der Meenung, datt dësen Delai zefriddestellend ass?

2. Trëfft sech d'Commissioun mëttlerweil méi oft wéi 1 bis 2 mol am Mount?

3. Wéi laang dauert et momentan tëscht der getraffener Decisioun an der Notifikatioun vun der Decisioun un déi Betraffen?

4. Wéi vill Leit si säit Januar 2021 am Sekretariat vum CSR agestallt ginn? Wéi vill Leit hunn d'Sekretariat an der Zäit verlooss? Wat ass de momentanen Effektiv?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten